WICHTEG fir all déi, déi Psychotherapeut*in am däitschsproochege Raum wëlle ginn:

Aktuell gëtt eng Reform vum Psychologiestudiegang an Däitschland ëmgesat. Des Reform gesäit vir, datt een net wie bis well no engem Bachelor en Master mat genuch klineschen ECTS-Punkte maache muss, fir dann eng Ausbildung zum Psychotherapeut*in ze maachen , déi em 20.000 € kascht, mee no engem polyvalente Bachelor en méi spezifesche Master a klinescher Psychologie a Psychotherapie. Dëse Master wäert mat enger Approbatioun ofgeschloss ginn. Nom Master ass virgesinn, datt een dann eng WEIDERbildung am ambulanten oder stationäre Beräich maache muss, fir datt ee mat der Krankekeess ofrechnen dierf. Des Weiderbildung wäert viraussiichtlech besser bezuelt ginn. Säit 2022 huet sech de Bachelor vun der Universitéit Lëtzebuerg dem Gesetz ugepasst, an dem ginn och verschidden Universitéiten an den aneren däitschsproochege Länner no.

Dëst ass wichteg fir déi Léit, déi virun 2020 ugefaangen hunn ze studéieren, deemno am ale System sinn, a Psychotherapeut*in wëlle ginn. Si befannen sech an der Transitiounsphasen a mussen dofir bis 2032 d' PsychotherapeutenAUSbildung (nom Master) meeschteren. Allerdéngs gëtt et och ëmmer d'Méiglechkeet no egal wei engem Master Formatiounen ze maachen, déi den Usprëch vun der Institutioun gerecht ginn, bei deenen ee schafft. Et dierft een sech an dem Fall just net Psychotherapeut*in nennen.

ALEP
ASSOCIATION LUXEMBOURGEOISE
DES ÉTUDIANTS EN PSYCHOLOGIE